

## Prolog

De Schreiwier: Sou, lo wire mer souwäit. Hei sin di Leit, di Iech den Owend eng Geschicht aus der aler Zäit spillen, d'Geschicht vum Scheffe vum ale Maart – vum Fëschmaart – wi dir sot. De Scheffe vum ale Maart, dat as den Här Jang Schalop. Hie steet do an der Mëtt, tèschent senger Famillgen, hei lénks – an dem Schefferot vun der Stad – net dee vun haut – deen trëtt jo nëmmen um Knuedeler op – ma dee vu viru 520 Jor! Viru 520 Jor as well een Diderich Buurmeeschter – dat as dee mat der gölle Ketten am Hals – ma deemols hu se Riichter gesot, net Buurmeeschter – an d'Scheffe sin: de Péiter, deen elo deem léiwe Miedchen dohanne laacht, de laange Schmittchen – dat as deen, deen mat dem klenge Gesatenen mat dem kéiblonde Hor dédegt. Dee Rouden as och Scheffen. – Fuuss heescht en an e gët och alt Fiissche genannt. – Kuck hei! – Et kënt ee nawell méngen d'Scheffe wire net eens. – Kuckt emol, wat se duermaachen! (Si geheien d'Hänn an d'Luucht.) – Waat well der hun! – Deemols as et och alt hei-ans-do haart op haart gaang am Staadter Scheferot.

Dat jongt Miedche, wat dem Péiter elo sou treisch laacht, as d'Duechter vum Här Schalop. Hat as frou mam Péiter, ma di zwee hun et net liicht, well de Papp net vun der Saach ageholl ass. Doannen huet sech nach net vill geännert, nediirt, dat soll haut jo och alt nach virkomme. Maja, de Péiter an den Här Schalop komme net richtig iwert-eenen. Si hu ganz aner Idien. Besonnesch an der Politik. Jaja.

Dir kënt Iech nach vläicht erënne- ren, wéi et deemols war. – Nët? – Abee, da wëll ech Iech dat ganz kuurz, an e puer Wiirder soen. – Keng Angscht! Ech mae keng laang Abberzuel.

Dir wësst jo – em 1400 waren d'Lëtzebuurger Hären nimmi zu Lëtzebuerg; si ware Kinnek vu Béimen, vun Onge- ren, vu Roum – an esouguer Käser gin.



De Käser as e groussen Här, en as och Här vu Lëtzebuerg, en huet dat Land, di Stiedche gär – seng Kroun huet hie nach léiwer . . . de Käser as e groussen Här.

E puer Auszich aus dem Stéck

# DE SCHEFFE VUM ALE MAART

Ech gi mäi Wee

Eng Chronik aus der aler Zeit  
an 11 Biller mat engem Prolog  
vum Tit Schroeder

Si hu fatzeg vill Sue gebraucht – an zu gudder Lescht hu si, fir zu Geld ze kommen, d'Land verpännt. – Et ware schro Zäiten, dat kann ech Iech son. A friem Hären hun alles drop ugekéiert, d'Land an de Sak ze stiechen. – Dat as Iech och näischt Neits, wann ech gutt mengen, – nediirt. – Abee dee Misär as well viru 520 Jor ugaang! – An den Här Schalop – an d'lëtzebuurger Biirger iwerhaapt – steipe sech dergéint. Si setze sech op d'hennescht Been fir ze verhënnenen, datt den Här vu Burgund – Philippe le Bon – jaja – sou heescht en an der Welt- geschicht – zu Lëtzebuerg soll Meeschter gin. Dee Phlépp do, dat war deen, deen den Englänner d'Jeanne d'Arc fir vill, vill Geld verkaaft huet. Hie war ee vun den dëcksten a rächsten Häre vun der Zeit, Meeschter vu Burgund a Brabant, vum Artois a vun der Picardie, vun Holland a Zeeland, vum Friesland a Flameland, vun alle Wallouner a Flam- männer. Hien hat am Jor een Akommes vu ron 9 mol 100000 Goldstécker – ech soe Goldstécker – keng Pabeierfrangen!

Abee – dee wëll ee neit Räich op- richten tèscht Frankräich an dem Käserräich, a Lëtzebuerg an d'Täsch stiechen, ma d'Biirger vu Lëtzebuerg hanken un der aler Welt an un dem Käser, dee jo aus dem Lëtzebuurger Haus staamt oder mat em Famillgen as. Si wiere sech mat Hänn a mat Féiss a si sin entsat, wi d'Libbett vu Görlitz, dat

Deen een, deen hält zum groussen Här, deen anre mat dem Här vun Dijon, si hun dat Land, di Stiedche gär – hir Mouk hu si bal léiwer . . . de klenge Mann – dee kennt säin Här.

De klenge Mann – dee kennt säin Här, säin Här – as Honger, Plo a Nout, hien huet dat Land, di Stiedche gär, wann hien alt wënnt säin déiglecht Brout . . .

De klenge Mann – dee keent säin Här.

eist Land als Pand krut, et dem Här vu Burgund wëllt verkafen. Si kënnen dee vu Burgund net richen a si wiere sech esou gutt ewéi et geet.

Ma et sin der och ënnert hinnen – de Péiter as ee vun deenen – di mengen, si kënnen deem vu Burgund de Bass net halen; si mengen et wir besser dat Schrootst – de Krich – ze verhënnenen a sech dran z'ergin. Zu deene gehéiert och den Heng Schalop, dem Här Schalop säi Jong, an dat brécht dem alen Här bal d'Häärz.

Dir frot Iech vläicht, wat di Leit am dagdéigleche Liewe sin – Abee, de Péiter as Kréimer, de laange Schmittchen as Becker, de Fuuss Metzeler, de Riichter as Duchhändler. Et sin Handwierker oder Handelsleit, di sech es gutt stin. Den Här Schalop as ee vun de rächste Biirger vun der Stad, en as Wäinhändler a wat dir haitgesdags Bankier a Courtier nennt.

Den Här Schalop as well jorelang Scheffen a war och well Riichter. Dat wir him scho vëlleg duergaang, well en d'Éireplazen net besonnesch opsicht. Ma wéi de Käser en zum Probst – dat as zum Häapste vun der Probstei Lëtzebu- erg mécht – loosse mer son zum Häap- ste vum Kantoung Lëtzebuerg mécht – do wëllt e net zréckston – e wellt seng Leit net am Stach loosse. Besonnesch well en allerhand grouss an dichteg Häre kennt, mengt en e kënt dat Schrootst verhënnenen. Mä d'Land as zanter 60 Jor verpännt a veraarmt.

Et si béis Zäiten, roueg a glécklech as keen. – An dach verléiren d'Leit de Kuraasch net bal. Si gi sech net – sou laang wéi ee Kniddel am Deppen, eng Dréps am Faass – an eppes ze maan as.

A wann et och schro hiergeet, de Scheffe vum ale Maart behält op seng Manéier dach recht:

„Et as nach ee Letzebuerg“, siet en, „wa vill aner Stied well laang vergieess sin.“

De Mënsch as kee Stéck Véi!  
Souguer ee Béischt gët wéischt!

Den Här hätt besser uecht ze gin,  
de Mutwëll net op d'Spëtz ze driewen,  
well wann d'Leit wëll a rose gin,  
da kann den Här net Meeschter bliewen.

Eis Leit hu villes mat Gedold erdron,  
si hu geléiert stall ze halen –  
mä wann de Misär alles wëllt erschlon –  
da sin och si net méi ze halen.

De Mënsch as kee Stéck Véi!  
Souguer ee Béischt gët wéischt!